n° 3179

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. November 2020

REÇU
Par Alff Christian , 10:26, 20/11/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro zu de sozialen Impakter vun der CO2-Steier un d'Madamm Ëmweltministesch weider ze leeden.

D'Regierung wäert am Kader vum Plan national intégré en matière d'énergie et de climat (PNEC) eng CO2 Steier aféieren. Dobäi ass et fir ons essentiell, dass sou eng Steier sozial ausgeglach gëtt fir datt di akommesschwaach Stied net benodeelegt oder zousätzlech belaascht ginn. Weider ass et fir d'Akzeptanz vun sou enger Steier zentral, dass d'Regressivitéit ofgefiedert gëtt. Zu Lëtzebuerg soll di sozial Offidderungen iwwert de Crédit d'Impôt an d'Allocation de Vie chère geschéien. Studie weisen awer dorobber hin, dass net nëmmen d'Akommes, mee och de benotzen Heizstoff, de Besetz vun engem Auto, an d'Wunnplatz (Staat-Land) relevant Aspekter sinn, di d'sozial Impakter vun enger CO2 Steier beaflossen.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Huet d'Regierung Berechnungen oder Simulatiounen duerchgefouert fir di sozial Impakter vun der CO2 Steier fir d'Period 2021-2023 kennen ze chiffréieren?
- Huet oder erhiewt de Staat oder eng aner Organisatioun, wéi de STATEC, Donnéeë fir den Effekt vun de sozialen Ausgläichsmoossnamen (d.h. dem Crédit d'Impôt an der Allocation de Vie chère) op d'finanziell Situatioun vun de Leit, ofhängeg vum Wunnuert, dem Aarbechtswee, dem Heizstoff, etc. ze berechnen?
- Wann jo, wäert d'Regierung dësen Donnéeë bei der Gestaltung vu sozialen Ausgläichsmoossnamen an Zukunft Rechnung droen?
- Plangt d'Regierung an deenen nächste Joren di steigend CO2 Steier duerch weider Mesurë sozial auszegläichen? Wann jo, wéi eng?

Här President mir bieden Iech onsen déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles
Deputéierten

Jean-Paul Schaaf
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 10:37, 18/01/2021

Référence : 836x1a0f2

Luxembourg, le 18 janvier 2021

**Concerne :** Question parlementaire n° 3179 du 20 novembre 2020 de Monsieur le Député Paul Galles et de Monsieur le Député Jean-Paul Schaaf concernant l'impact social de l'introduction d'une nouvelle taxe sur le $CO_2$

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Pour le Ministre des Finances,

Bob KIEFFER
Directeur du Trésor

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale:
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.mfin.gouvernement.lu

144-000003 20040525-FR

**Äntwert vum Finanzminister, der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Wirtschaftsminister, op d'parlamentaresch Ufro n°3179 vum 20. November 2020 vun den honorabelen Deputéierten Här Paul Galles an Här Jean-Paul Schaaf zu de sozialen Impakter vun der $CO_2$-Steier**

D'$CO_2$-Steier déi mam Budget 2021 agefouert gouf baséiert um "Pollueur-Payeur" Prinzip, sou wéi dat och am *Plan national intégré en matière d'énergie et climat* (PNEC) virgesinn ass. D'Regierung hat vu vir era virgesi fir den Impakt vun dëser Steier op déi Ménagen mat manner finanzielle Moyene ofzefiederen. D'Zil vun der $CO_2$-Steier ass net fir nei budgetär Recetten ze schafen.

D'Regierung ass sech bewosst dass fir vill Leit, déi duerch hir Aarbecht oder perséinlech Contrainten mussen den Auto benotzen, an déi méi kleng Revenuen hunn, esou eng Taxe am Portmonni spierbar ass. Obschonns verschidden Berechnungen duerchgefouert goufen, bleift et schwéier den Impakt vun der $CO_2$ Steier anzeschätzen well den Impakt vun enger ganzer Rëtsch vun Facteuren ofhänkt.

Der Regierung ass et wichteg, den Impakt vun dëser neier Steier op d'Leit mat manner finanziell Moyenen ze minimiséieren. Duerfir gouf den Crédit d'impôt pour salariés (CIS), den Crédit d'impôt pour pensionnés (CIP) an den Crédit d'impôt pour indépendants ëm 96 Euro erhéicht, wat enger Progressioun vun méi wéi 15% entsprécht. Donieft gëtt d'Allocation de vie chère 2021 em 10% ugehuewen. Domatter gëtt sécher gestallt, datt bei déiwen Revenuen, dës néi $CO_2$ Stéier net zu enger Réductioun vum Pouvoir d'achat féiert.

De STATEC huet den 23. November 2020 eng Analys zum Impakt vun der $CO_2$ Steier publizéiert (https://statistiques.public.lu/catalogue-publications/analyses/2020/PDF-Analyses-08-2020.pdf) an och an senger Note de Conjoncture 2 vun 2020 dësen Sujet opgegraff (https://statistiques.public.lu/catalogue-publications/note-conjoncture/2020/PDF-NDC-02-20.pdf - Kaptiel 6.5). D'Étude vum STATEC kënnt zur Conclusioun, dass duerch d'Erhéijung vum Steierkredit ëm 96 Euro, den Impakt vun der $CO_2$ Steier op déi akommesschwaach Ménagen quasi neutral wier. D'Erhéijung vun der Allocation de vie chère ëm 10% gouf bei dëser Analyse vum STATEC net explizitt considéréiert fir den Impakt vun der $CO_2$ Steier op déi akommesschwaach Ménagen ze évaluéieren.

Nieft der Erhéijung vum Steierkredit an der Allocation vie chère, ginn och d'Subventiounen fir d'Leit verlängert fir hinnen ze hëllefen doheem Energie ze spueren, wéi zum Beispill d'Heizung ëmzestellen oder op eng méi klimafrëndlech Mobilitéit ëmzeklammen.

D'Regierung wäert den sozialen Impakt vun der $CO_2$ Steier an deenen nächste Joer vun ganz Noem suivéieren.